QP N°2032

Monsieur Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

RECU
Par Christine Wirtgen , 15:26, 07/04/2020

Luxembourg, le 7 avril 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend parlamentaresch Fro** iwwert d' UNI Lëtzebuerg un den Här Edukatiounsminister weiderzeleeden.

Am Gesetz vum 27.Juni 2018 iwwert d' «organisation de l'Université de Luxembourg» beschreift den Artikel 36 (3) d'Modalitéiten vun der Evaluatioun vun de Studiejoren. Wee manner wéi 50% vun den ECTS-Kreditter erreecht, dierf sech nach eng Kéier an datselwecht Joer aschreiwen, ween iwwert 50% erreecht, dierf sech an dat next Joer aschreiwen, mee tëscht 50 a 70% muss des Inscriptioun duerch den «directeur de programme» validéiert ginn.

Wéi Art. 36(2) 1° an Art. 36(9) et virgesinn, kann deen, deen am éischte Joer manner wéi 50% erreecht, sech net méi fir dat neit Joer aschreiwen, mee gëtt definitiv excluéiert a misst d'Universitéit wiesselen, falls dee Betraffenen deeselwechte Studium weidermaache wéilt.

Et ass wichteg ze verhënneren, dass Studéiernder vun der Uni Lëtzebuerg, déi a Schwiiregkeete sinn an duerch den «état de crise» zousätzlech benodeelegt sinn, fir de Couren ze follegen (z.B. duerch schlecht Internetverbindungen), manner wéi 50% erreechen an dowéinst aus hirem Studiegang ausgeschloss ginn.

Op Grond vun desen Informatiounen wëll ech folgend Froen dem Här Edukatiounsminister stellen:

1. Kann den Här Minister des Informatiounen bestätegen?
2. D'Universitéitsgesetz gesäit keng Ausnamen, geschweige denn een «état de crise», vir, dee vun de Bestëmmungen derogéieren géif.
   Wéi eng Moyene gesäit de Minister fir, fir der Uni ze hëllefen des Ausnamen ze geréieren?
3. An der Pressekonferenz iwwert d'Mesuren vum Edukatiounsministär am Zesummenhang mam «état de crise» huet den Här Minister gesot, dass déi am Artikel 36 (1) vum Universitéitsgesetz viséiert Reegelung, dass all Student-In sech maximal 4mol der Evaluatioun vun engem Cours stellen dierf, fir dat aktuellt Semester ausgesat ass. Een Examen, deen net gepackt gëtt, gëtt net als ee vun deenen 4 gezielt.
   - Gouf des Informatioun schon saitends vun der UNI ratifizeiert an un d' Studenten weidergi duerch eng offiziell Kommunikatioun vu säiten vun der Universitéit?
4. Et ass vu säite vun de Studéiernden drop higewise ginn, dass vill vun hinnen a prekäre Verhältnesser liewen an op d'Suen ugewisen sinn, déi se entweder iwwert CEDIES-Boursen an/oder duerch sougenannten Studentenjobs verdéngen, fir sech de Studium ze finanzéieren.
   - Gesäit den Här Minister finanziell Hëllefe fir concernéiert Studenten vir?

Mat déiwem Respekt,



Paul Galles
Deputéierten

Le caractère urgent de la question n’a pas été reconnu (07.04.2020)

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 07 avril 2020

Objet : Question parlementaire n° 2032 du 07.04.2020 de Monsieur le Député Paul Galles - Université du Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Selon les dispositions de l'article 84 de notre règlement, l'urgence n'a pas été reconnue, de sorte que ladite question est à considérer comme question écrite, conformément aux dispositions de l'article 82.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés